ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 27. Februar 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Ëmweltminister weiderzeleeden.

De 24. Januar 2019 huet d'Verwaltungsgeriicht eng Ordonnance geholl (iwwer eng Requête mat der Nummer 42171, ageschriwwen um Rôle den 28. Dezember 2018), duerch déi de Staat veruerteelt gouf, en Dokument «*PAP ... Massnahmenkonzept Artenschutz – Machbarkeitsstudie – Phase I* » ze publizéieren.

D'Madame Ëmweltminister hat refuséiert, dës Etüd der Ëffentlechkeet zougänglech ze maachen, wat der Meenung vum Geriicht no géint d'Gesetz verstouss huet an och net der Direktiv 2003/4/CE entsprécht , déi den Zougank vun der Ëffentlechkeet zu ëmweltrelevanten Informatioune betrëfft, dëst nodeems d'Europäesch Gemeinschaft der Aarhus Konventioun bäigetratt war.

De Staat ass net géint dat Uerteel an Appell gaangen.

Dëst Uerteel werft eng Rei vu méi fundamentale Froen op an dowéinst well ech der Madame Ëmweltminister dës Froe stellen:

1. Wéi eng Léieren zitt d'Madame Ëmweltminister aus dësem Uerteel?
2. Ass d'Madame Ëmweltminister der Meenung, datt d'Ëffentlechkeet e prioritäert Recht drop huet, un ëmweltrelevant Informatiounen ze kommen an datt eventuell Ausnamen zu dësem Prinzip, esou wéi d'Gesetz et seet, restriktiv ze interpretéiere sinn?
3. Ass d'Madame Ëmweltminister der Meenung, datt d'Recht vun der Ëffentlechkeet, fir am Kader vun der Ausaarbechtung vun engem PAP oder engem Bauprojet un ëmweltrelevant Informatiounen ze kommen, méi wichteg ass, wéi déi finanziell Interessie vun engem Promoteur?

4. Ass d'Madame Ëmweltminister gewëllt, déi Rechtsinstrumenter, inklusiv déi europäesch Direktiven an d'Aarhus-Konventioun, déi d'Recht vun der Ëffentlechkeet op den Zougank zu ëmweltrelevanten Informatioune reegelen, an Zukunft ze respektéieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten